

# SANDWEILER Aktuell

11-2020

24.06.2020

page 1


- Collectes mensuelles du verre et du papier
- La poubelle jaune pour le verre
- La poubelle bleue pour le papier


page 2


- Glas a Pabeiersammlung
- Déi giel Tonn fir d'Glas
- Déi blo Tonn fir de Pabeier

- Signaler les processionnaires de chêne
- "Eichenprozessionsspinner" mellen

- Maison des Jeunes Sandweiler
- Jugendhaus Sandweiler



GEMENG SANDWEILER

18 rue Principale
L-5240 Sandweiler
Tél.: 35 97 11 - 1 • Fax: 35 79 66
www.sandweiler.lu


## Collectes mensuelles du verre et du papier

Depuis le mois de février les changements des collectes mensuelles concernant le verre et le papier ont été annoncés et les formulaires nécessités pour la commande des poubelles ont été publiés et distribués. Les poubelles seront distribuées à partir du 29 juin 2020 et la nouvelle formule de ramassage débutera au mois de juillet. Ce vendredi 26 juin sera la dernière collecte du papier avant l'introduction des poubelles. Veuillez noter que le verre ainsi que le papier seront dès lors uniquement enlevés par l'intermédiaires des poubelles. Si vous avez raté le délai de commande du 30 avril 2020, vous avez encore moyen de les commander par le biais du formulaire sur notre site internet *www.sandweiler.lu, sous la rubrique médiathèque - formulaires.*




## La poubelle jaune pour le verre

bouteilles et récipients en verre (verre transparent et coloré)

ATTENTION: à partir de juillet **le jour de collecte** sera

**le 2ème *lundi* du mois**




## La poubelle bleue pour le papier

journaux, cartons et catalogues

ATTENTION: à partir de juillet **le jour de collecte** sera

**le 4ème *lundi* du mois**

## Glas a Pabeiersammlung

Säit Februar ass bekannt, dass d'Asammle vum Glas an dem Pabeier ab dem Mount Juli ännert. D'Formeläre fir d'Bestellungen fir déi néideg Tonne si publizéiert a verdeelt ginn. Déi Kiwwelen ginn ab dem Méindeg 29. Juni ausgeliwwert an déi nei Art a Weis fir d'Ofhuele gëllt ab dem Juli 2020. De Freideg 26. Juni ass déi lescht Pabeiersammlung, déi nach ouni dëse Kiwwel funktionéiert. Mir maachen iech drop opmierksam, dass duerno d'Ofhuelen vu Glas a Pabeier nach just mëttels dëser Tonne méiglech ass. Wann der den Delai vum 30. Abrëll, fir se ze bestellen, verpasst hutt, kënnt der de Formelär awer weider vun onsem Site eroflueden.

*www.sandweiler.lu, am Beräich Mediathek - Formulare.*




### Déi giel Tonn fir d'Glas

Fläschen an all aner Behälter aus Glas (wäisst a faarwegt Glas)

**OPPASSEN**: ab Juli gëtt d'Glas dann **all 2te Méindeg am Mount** ofgeholl.




### Déi blo Tonn fir de Pabeier

Zeitungen, Kartong a Katalogen

**OPPASSEN**: ab Juli gëtt Pabeier a Kartong **all 4te Méindeg am Mount** ofgeholl.

## Signaler les processionnaires de chêne

Les chenilles processionnaires du chêne sont protégées par des poils urticants pouvant provoquer de l'asthme (les poils quasi invisibles sont aéroportés sur plusieurs dizaines à centaines de mètres du nid). Le plus souvent en cas de contact, ils occasionnent des démangeaisons et rougeurs. Les personnes allergiques ou plus sensibles peuvent même craindre dans le pire des cas une allergie grave voir même un choc anaphylactique.

Si vous découvrez des nids supplémentaires de chenilles processionnaires sur le territoire de notre commune ou sur nos places publiques, veuillez en informer notre service technique au 35.97.11-214. Sur les terrains privés, c'est au propriétaire qu'incombe la responsabilité de les faire enlever.

*Pour de plus amples informations sur le processionnaire de chêne: https://www.sandweiler.lu/actualites*

## « Eichenprozessionsspinner » mellen

« D'Eichenprozessionsspinner » si Raupen, déi rondrëm hire ganze Kierper vun Hoer geschützt sinn, déi bei de Leit zu Asthma féiere kënnen. Dës Hoer si praktesch net ze gesinn a kënnen Honnerte Metere wäit fléien. Meeschtens veruersaacht de Kontakt mat dësen Hoer e Bäissen an en Ausschlag. Bei Leit, déi allergesch oder méi sensibel sinn, kann et am schlëmmste Fall souguer zu engem anaphylaktesche Schock kommen.

Wann dir Näschter vun « Eichenprozessionsspinner » iergendwou an der Natur oder op ëffentleche Plazen zu Sandweiler gesitt, dann deelt dat weg onsem « service technique » op der Nummer 35.97.11-214 mat. Op engem privaten Terrain ass de Proprietär responsabel a muss sech selwer drëms këmmeren, dass se ewech gemaach ginn.



## Maison des Jeunes Sandweiler

La Maison des Jeunes Sandweiler sera de nouveau accessible aux jeunes à partir du mercredi 24 juin 2020. L'horaire reste le même comme celui avant le confinement.

## Jugendhaus Sandweiler

D'Jugendhaus Sandweiler ass ab dem Mëttwoch 24. Juni 2020 erëm fir déi Jugendlech op. D'Ëffnungszäite sinn déi selwecht wéi virun dem « Lock-down ».

KlimaPakt
meng Gemeng engagéiert sech

FSC www.fsc.org
MIXTE
Papier issu de sources responsables
FSC® C004990

myclimate neutral Imprimé
No. 01-14-561533 – www.myclimate.org
© myclimate – The Climate Protection Partnership

RE
PRINTED IN LUXEMBOURG